Le caractère urgent de la question a été reconnu (07.04.2021)

N°4034

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 7. Abréll 2021

REÇU
Par Christine Wirtgen , 09:51, 07/04/2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden Iech, dës drénglech parlamentaresch Fro un den Här Premierminister an un d'Madamm Minister fir Gesondheet weider ze leeden.

Den 1. Abréll huet de Premierminister d'Chamber opgefuerdert eng CSV-Motioun zu enger Strategie vun de Schnelltester als Deel vun der Sortie aus de Covid-Restriktiounen net unzehuele well se superfétatoire wier „...well mir scho méi wäit si wéi d'Oppositioun dat freet."

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Wéi gesäit déi national Strategie an dat konkret Konzept fir Schnelltester zu Lëtzebuerg anzesetzen aus?
2. Wéi ginn elo schonn doduerch déi bestoend Ouverturë méi sécher gemaach a wéi wäerten d'Schnelltester weider agesat gi fir no an no weider Ouverturen ze erméiglechen, notamment am Horeca Beräich?
3. Ass e Bilan gemaach gi vun de Schnelltester an de sanitäre Konzepter am Sport- a Kulturberäich?
4. Wéi eng Konklusioune sinn aus dësem Bilan ze zéie fir de Sport- a Kulturberäich am allgemengen? Wéi een Asaz vu Schnelltester ass an dëse Beräicher virgesinn?
5. Wéi gesäit déi allgemeng Strategie vu Schnelltester am soziale Liewen am allgemengen aus?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Deputéiert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 14 avril 2021

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

**REÇU**
*Par Alff Christian , 08:21, 15/04/2021*

**Objet:** **Réponse commune de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État, et de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire urgente n°4034 posée le 7 avril 2021 par l'honorable Députée Madame Martine HANSEN et concernant les tests rapides COVID-19.**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier Ministre

Ministre d'État

**Äntwert vun dem Här Premierminister, Staatsminister, a vun der Madamm Gesondheetsministesch op déi dringend parlamentaresch Fro n°4034 vum 7. Abrëll 2021 vun der honorabeler Madamm Deputéiert Martine HANSEN iwwert d'Schnelltester am Kontext COVID-19.**

Schnelltester, also d'Antigentester déi e Resultat an e puer Minutten ginn, a méi rezent elo Selbsttester (d.h. Schnelltester déi ee selwer ka maachen) kompletéieren déi national Teststrategie (diagnostesch PCR-Tester, Large scale testing ...) déi schonns säit Ufank vun der COVID-19 Kris en place ass. D'Schnelltester erlaben op anere Plazen, zu aneren Zäiten a mat engem direkte Resultat ze testen, wat hëlleft, zousätzlech Fäll vu COVID-Infektiounen ze entdecken. D'Schnelltester sinn awer nëmmen een Deel vun der Gesamtstrategie. Als Nodeel hunn si, dass si manner sensibel sinn an dofir eventuell Infektioune verpasse kënnen.

Eis aktuell Strategie baséiert op folgende Pilieren:

Wéi bis elo bleiwen PCR-Tester op Ordonnance vum Dokter eng Haaptkomponent vun der Strategie (säit Februar 2020 disponibel): schonns bei liichte Symptomer, oder bei engem Héichrisikokontakt kann esou een Test gemaach ginn. Op dës Weis gëtt all Woch eng 7% vun der Populatioun getest.

a) Large Scale Testing, och mat PCR: hei geet et ëm en Dépistage vun der Populatioun an eng Surveillance vu verschiddene Gruppen die méi exposéiert sinn. Hei ginn all Woch eng 8,5% vun der Lëtzebuerger Populatioun getest (disponibel säit Mee 2020).

b) Antigen Schnelltester, déi vu Gesondheetsberuffler kënne gemaach ginn. Dës Tester sinn säit November 2020 zu Lëtzebuerg disponibel an och vun der Gesondheetsdirektioun fir Kliniken, Fleege- oder Altersheimer, an Dokteschpraxen zur Verfügung gestallt ginn. Et goufen och verschidde Pilotprojeten am Sport an an der Kultur (z.B. Rockhal) realiséiert fir d'Faisabilitéit vun esou enger Approche ze iwwerpréiwen. De Nodeel vun den Antigen-Schnelltester ass d'Noutwendegkeet vu spezialiséiertem Personal fir den Test ze maachen.

c) Antigen-Selbesttester (Auto-test), säit kuerzem disponibel:

d)

- Zum Deel kënnen dës Selbsttester klassesch Antigen-Schnelltester, déi schonns am Gebrauch sinn, ersetzen, sou dass et méi einfach gëtt, fir een Test an de Kliniken, Dokteschpraxen oder an Alters- a Fleegeheimer ze maachen.
- An den Alters- a Fleegeheimer, esou wéi de Réseau de soins, de Strukture fir Leit mat engem Handicap, den Centre de Psychogériatrie, de Services d'activités de jour, de Centres propédeutiques an den Ateliers protégés ginn dës Tester elo systematesch agesat fir Visiteuren, Résidents/Clients oder Prestataires externes ze testen. Et gëtt geschat, dass deemnächst an dësem Secteur méi wéi 100'000 Tester pro Woch gemaach ginn.

- Och an de Schoulen ginn Selbsttester vu no der Ouschtervakanz un groussflächeg agesat fir nach ee besseren Abléck an d'Infektiounsketten ze kréien a fir nach méi fréi Infektiounen an eventuell Clusteren ze entdecken. Hei ginn ab dem 19. Abrëll bis zu 120'000 Tester pro Woch gemaach.
- Am Sport souwéi an der Kultur sinn dës Tester schonns limitéiert am Asatz a kënne gegebenefalls, wann d'Restriktioune do sollte gelackert ginn, och nach méi groussflächeg agesat ginn.

e) Et gi schlussendlech am Moment och Iwwerleeunge gefouert, ënner wéi enge Conditiounen een dës Tester (Schnelltester oder Selbsttester) eventuell méi generell kéint asetzen, fir enger Rei Aktivitéiten an enger Stad nozegoen (Shopping, Horeca, Kultur, ...). Esou e Modell kéint awer nëmmen an enker Zesummenaarbecht mat de Gemengen ëmgesat ginn.

D'Direktioun vun der Santé huet een éischte Bilan vu Pilotprojeten am Beräich Kultur a Sport gemaach. Bei der Kultur konnt een esou noweisen, dass d'Schnelltester gutt vun de Leit akzeptéiert ginn, an och praktesch zäitno duerchgefouert konnte ginn. Bei negative Schnelltester konnte keng Iwwerdroungen vun Infektiounen dokumentéiert ginn, och wann deelweis PCR-Tester zur gläicher Zäit nach schwach positiv woren. Dëst beweist, dass e negative Schnelltest, kombinéiert natierlech mat korrekten Hygiène a Barrièremoosnamen, eng gutt Moossnam fir e sécheren Kulturévénement duerstellen.

Am Sport gëtt elo bei de Matcher an der éischter Ligue systematesch getest. Wann e Spiller positiv ass, gëtt en an Isolement gesat, an de Match ka mat de negative Spiller ausgedroe ginn. Dës Moossnam huet erlaabt, gréisser Iwwerdroungsketten beim Sport ze vermeiden an awer d'sportlech Evenementer auszedroen.

Aktuell sinn dës Projeten mat Schnelltester an net mat Selbsttester gemaach ginn. Et kann een awer dovun ausgoen, dass ähnlech Resultater fonnt géifen mat Selbsttester, wat dann déi praktesch Realisatioun vun den Tester staark vereinfacht.

D'Regierung encouragéiert d'Benotzen vu Schnell- a besonnesch Selbsttester an alle Situatiounen wou eng Persoun e potentielle Risikokontakt net kann, oder net wëll vermeiden. Dëst betrëfft z.B. och de Besuch bei vulnérabelen Persounen (eeler Leit oder Leit mat Viirerkrankungen). D'Regierung ass an deem Sënn och fir e fräie Verkaaf vu Selbsttester am Commerce, esou laang et sech ëm Tester handelt déi e CE Marquage hunn, an déi vun engem Referenzlaboratoire (z.B. Paul Ehrlich Institut, Däitschland) onofhängeg getest goufen.